# EIS IDDIE FIR EUROPA!

Europa-Programm 2024



#ZESUMMEN

## Mat Häerz fir Europa // En Europa mat Häerz

Sozial Gerechtegkeet? Demokratie? Fridden? Fräiheet? Op all dës Froen, déi sech haut a muer stellen, gëtt et nëmmen eng Äntwert: e progressiivt, sozialdemokratescht Europa. Duerfir brauche mir eng staark sozialistesch a sozialdemokratesch Fraktioun am Europaparlament.

Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, sti fir en Europa, dat gerecht an inklusiv ass, mir sti fir en Europa vun de Mënscherechter, en Europa, wou d'Sozial-, d'Wirtschafts- an d'Ëmweltpolitik zesumme geduecht, an net géinteneen ausgespillt ginn. Mir sti fir en Europa, wou eis Kanner a Sécherheet opwuesse kënnen. Mir sti fir en Europa vun den oppene Grenzen, vun der kultureller Villfalt, en Europa dat fir d'Generatiounen do ass, déi Jonk ennerstëtzt a sech em déi eeler Matbierger:innen këmmert.

Fir eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, war, ass a wäert Europa ëmmer e Projet fir de Fridden, vun den oppene Grenzen an der wirtschaftlecher Prosperitéit sinn. Europa ass e solidaresche Projet, deen den europäesche Länner d'Méiglechkeet gëtt, zesummen eng gutt Zukunft ze hunn. Mir wëlle staark an zukunftsträchteg Regiounen an der ganzer EU. Well nëmmen eng staark, solidaresch, inklusiv a gerecht Europäesch Unioun garantéiert eis gemeinsam Entwécklung.

Grad als Lëtzebuerger:innen wësse mir, wéi wichteg Europa ass. Mir liewen Europa am Alldag.

Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, stellen d'Mënschen an de Mëttelpunkt vun eiser Europäescher Unioun: Europa ass e Projet vun de Mënschen a fir d'Mënschen. Mir bauen op deem ville Positiven op, dat Europa eis bréngt. Mir wëllen awer méi, an Europa kann och méi – méi sozial Gerechtegkeet!

Mir musse garantéieren, datt Europa sech vis-à-vis vun den ëmmer neien Erausfuerderungen och ëmmer nei erfënnt. Dat geet nëmme mat enger progressiver a sozial gerechter Politik.

Europa gëtt eis haut scho vill Garantien. D'Memberstaaten hunn a Krisenzäiten zesumme gehal an nei Weeër ageschloen. Dësen Zesummenhalt brauche mir och an Zukunft. Duerfir stelle sech d'Sozialisten:innen an d'Sozialdemokrat:innen um nationalen wéi um europäesche Plang resolut a geschlosse géint all antidemokratesch Beweegungen, a verdeedegen eng inklusiv an tolerant Gesellschaft. Fir Diskriminéierung a Faschismus ass an Europa keng Plaz – mir loossen eis eisen Häerzensprojet net vu rietse Kräfte futti maachen. Mir stellen eis duerfir iwwerall resolut a geschlosse géint all antidemokratesch Beweegungen, a verdeedegen eng inklusiv an tolerant Gesellschaft.

D'Zukunft vun Europa heescht de Fridde garantéieren, eng nohalteg Ëmweltpolitik ugoen, d'Wirtschaftsunioun fair gestalten an de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen an duerch eng sozial gerecht Politik mathuelen.

**Esou eng Zukunft gëtt et just mat eis. Mat eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen.**

## De Mënsch am Häerz vun engem sozialen Europa

D'Aarbechtswelt ass am Wandel, an de Mënsch ass matzendran. Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, schützen déi schaffend Leit andeems mir déi nei Aarbechtsforme reguléieren. Anengems notze mir d'Chance vun dësem Wandel, fir qualitativ héichwäerteg Aarbechtsplazen ze schafen an déi sozial Dimensioun vun Europa weider ze stäerken.

D'LSAP ass d'Partei vun de schaffende Leit. An Europa kämpfe mir duerfir mat eise sozialdemokrateschen a sozialistesche Kamerod:inne fir:

- sécher Aarbechtsplazen,
- gereegelt a gerecht Salairen,
- transparent Informatiounen zu den Aarbechtskonditioune wéi zum Beispill d'Akommes oder d'Aarbechtszäit,
- e faire Mindestloun,
- e gerechte Steiersystem.

Fir dat ze erreechen, brauche mir e staarkt a solidarescht Europa, dat am Interessi vun de Bierger:inne schafft.

Duerfir ass et wichteg, datt de sozialen Dialog, sou wéi en zu Lëtzebuerg zënter Joerzéngte funktionéiert, och op europäeschem Plang e Standard gëtt.

Mir mussen eis Gesellschaft a soumat och eis Aarbechtswelt op déi industriell Revolutioune preparéieren. Hei mussen awer déi schaffend Leit mat um Dësch sëtze, wann an der EU Decisiounen iwwer hir Aarbecht geholl ginn. Dat geet nëmme wann d'Gewerkschaften an Europa eng staark Stëmm hunn.

Fir eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, steet dat mënschlecht Kapital am Zentrum vum europäesche Projet. Mir musse garantéieren, datt eng digital Spaltung evitéiert gëtt, an datt duerch d'Digitalisatioun an d'Ëmbaue vun eiser Wirtschaft kee Mënsch op der Streck bleift. Duerfir fuerdere mir datt:

- den Upskilling / a Weiderbildung fir all Mënsch accessibel sinn, gereegelt an accessibel, zum Beispill duerch e Recht op Formatioun wärend der Aarbechtszäit,
- d'professionell Rekonversioun, also d'Méiglechkeet vun enger Ëmschoulung bei Verloscht vun der Aarbechtsplaz, méi strukturellen a finanzielle Support kritt,
- d'Notze vu KI op der Aarbechtsplaz am Aklang mat de fundamentalen a soziale Rechter vun de schaffende Leit stoe muss.

An enger fairer Aarbechtswelt ka jiddereen vu senger Aarbecht liewen an un der Gesellschaft deelhuelen ouni an den Aarmutsrisiko ze falen. Fir de Phenomen vun de „Working poor" ze bekämpfe fuerdere mir, datt:

- e faire Mindestloun a ganz Europa, deen der Präisdeierecht, respektiv de Liewenskäschten ugepasst ass, agefouert gëtt,
- onbefrist Aarbechtskontrakter d'Reegel sinn,
- d'Plattform- an Interimsaarbecht reguléiert ginn,

- d’Digitalisatioun vun der Aarbechtswelt encadréiert a gereegelt gëtt a soumat keng Gefor fir déi schaffend Leit duerstellt,
- de System vun de Sozialversécherunge gestäerkt an ausgebaut gëtt,
- d’Kollektivverträg generaliséiert ginn.

Nëmmen esou kënne mir verhënneren, datt déi schaffend Leit dem Risiko vun der Ausbeutung ausgesat sinn. Mir Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen assuréieren duerfir weiderhin eng staark sozial Ofsécherung fir déi schaffend Leit an e Recht op Aarbecht fir déi Leit, déi hir Aarbecht verluer hunn oder net méi kënne maachen.

Fir deene Jonken d’Entrée an d’Aarbechtswelt ze vereinfachen a sozial méi gerecht ze gestalten, wëlle mir eng europäesch Direktiv, déi eise Student:innen genau wéi eise Léiermeedecher a Léierbouwen eng garantéiert an adäquat Bezuelung vun hire Stagë séchert.

Mir wëllen och de Familljen d’Chance ginn, méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen. Zil ass et, eng besser Work-Life Balance ze erreechen andeems d’Aarbechtskonditioune verbessert ginn. Duerfir soll och net nëmmen de wirtschaftleche PIB, mee och de PIB vum Wuelbefannen als verbindleche Performance-Krittär considéréiert ginn. Fir en héije PIB vum Wuelbefannen ze erméiglechen, fuerdere mir, datt:

- den Teletravail grenziwwergräifend vereinfacht a gereegelt gëtt,
- den Droit à la Déconnexion agefouert gëtt,
- d’Aarbechtszäit bei vollem Lounausgläich reduzéiert gëtt,
- eng Strategie fir d’mental Gesondheet op der Aarbechtsplaz ausgeschafft gëtt.

Fir déi sozial Ambitioun vum Europa vu muer ze ënnersträichen, an de sozialen Aspekt vun Europa nohalteg ze stäerken, fuerdere mir, datt:

- e soziale Protokoll agefouert gëtt deen de selwechten obligatoresche Stellewäert kritt wéi d‘Europäesch Traitéen, fir esou soziale Réckschrëtt ze verhënneren,
- den europäesche Sozialpilier de Kader vun der Gouvernance Economique bestëmmt.

Fir datt eis Gesellschaft funktionéiert, brauche mir e staarken a gerechten europäesche Steiersystem. Haut ass d’Steierlaascht vun de Privatpersoune wesentlech méi héich wéi déi vum Kapital. D‘Besteierung vun de Privatpersounen, dem net produktive Kapital an de multinationale Betriber muss erëm an d‘Gläichgewiicht kommen.

E staarken a gerechten europäesche Steiersystem ass den Hiewel fir méi Gerechtegkeet an eiser Gesellschaft. Grouss Entreprisen, déi Ultraräich an déi grouss Pollueure mussen hiren Deel zur Allgemengheet an dem Fonctionnement vun eiser Gesellschaft bäidroen. Nëmmen duerch eng gerecht Steierpolitik kënne mir déi néideg Investitioune realiséire fir d’Zukunft ze gestalten.

Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen sti fir Steiergerechtegkeet, tëscht de Leit, de Betriber an de Memberstaaten. Wee méi verdéngt, soll och méi Steiere bezuelen. Duerfir fuerdere mir:

- en Iwwerdenke vum Prinzip vun der Eestëmmegkeet am Conseil bei Steierfroen,
- eng Steier fir déi Ultraräich,
- d'Betribssteieren méi gerecht a méi effikass ze definéieren,

- e Kader fir déi permanent Besteierung vu sougenannte „Windfall profits[1]“,
- eng Finanztransaktiounssteier op europäeschem Niveau.

Mir setzen eis weider dofir an, datt Lëtzebuerg als Site fir europäesch Institutiounen attraktiv bleift an d’Situatioun vun den EU-Beamten zu Lëtzebuerg sech verbessert. D’europäesch Institutioune musse beim Ëmsetze vu gerechten Aarbechtskonditiounen eng Virbildfunktioun anhuelen. Duerfir fuerdere mir, datt d‘Salairë vun de Mataarbechter an EU-Institutioune dem jeeweilege sozio-ekonomeschen Ëmfeld a Land ugepasst musse ginn.

## E Green Deal mat engem rouden Häerz

Eise Planéit „brennt“! Nëmmen zesumme bréngе mir et fäerdeg, eise Kanner a Kandskanner e Planéit ze hannerloossen, op deem se a Fridden a Sécherheet liewe kënnen.

Mir brauchen eng sozial-ekologesch Transitioun, also eng méi nohalteg Form vum Wirtschaften an eng gerecht a solidaresch Opdeelung vun den néidegen Efforten. Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, wëllen de Wee an d’Klimaneutralitéit notzen, fir soziale Fortschrëtt erbäizeféieren.

Mir sti kloer zu enger zukunftsorientéierter grénger europäescher Taxonomie, a soumat zu enger transparenter Klassifikatioun vun Technologien an Aktivitéiten. De sougenannten „Green washing“, notamment vun der Atomenergie an der Gazenergie, soll an Zukunft verhënnert ginn.

Fir eis klappt de Green Deal nëmme mat engem rouden Häerz, dat déi ekologesch an déi sozial Politik verbënnt. Bei dëser Transitioun ass et duerfir enorm wichteg, datt déi sozial Schwaach net op der Streck gelooss ginn. Duerfir brauche mer onbedengt eng eko-sozial Investitiounspolitik. D’EU an hir Memberstaaten sollen net nëmme mam gudde Beispill virgoen, mee sech kloer zu de Klimaziler bekennen a se resolut ëmsetzen. Duerfir sti mir als Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen zum Green Deal a fuerderen, datt:

- sech déi 27 Memberlänner weider zu de maximal 1,5 Grad Erwiermung vun der Äerd, déi op der COP 21 zu Paräis decidéiert goufen, bekennen,
- d’EU-Memberstaaten selwer weider de „Fit for 55“ ëmsetzen, dat heescht eng Reduktioun vun de Zäregase vu 55% bis 2030,
- d’Klimaneutralitéit bis 2050 spéitstens erreecht gëtt.

Duerfir bekämpfe mir all Versuch, de Green Deal ze verwässeren an ofzeschwächen. Mir setzen eis konsequent a fir

- en effektiven Ëmwelt- a Naturschutz,
- d’Schütze vun der Biodiversitéit an der Aartevillfalt,
- d’Regeneratioun vun zerstéierten Ökosystemer,
- en effikasse Waasserschutz an en effikasse Waassergebrauch,
- e Verbuet vu schiedleche Chemikalien, ë.a. dem Glyphosat an der Landwirtschaft,
- den Ausbau vun den erneierbaren Energië. P Pl

[1] „Windfall Profits“ si net previsibel an onverhofft Gewënner, déi duerch glécklech Ëmstänn oder plëtzlech Evenementer wéi zum Beispill Katastrophen, méiglech ginn.

Europa brauch eng nohalteg an transparent Energiepolitik, déi de 27 Memberstaaten Energiesécherheet garantéiert. Anengems mussen an der Energiefro all d'Acteure mat um Dësch sëtzen, fir eng europäesch Energiestrategie opzesetzen. Nieft der Energiesécherheet geet et hei ëm den Zougang zu abordabeler Energie fir Bierger a Betriber, onofhängeg vun hirer Gréisst. Duerfir wëlle mir, datt déi europäesch Energiestrategie:

- vu fossillen Energien drastesch erof kënnt an erneierbar Energie fërdert,
- den Import vun auslännesche fossillen Energien, an éischter Linn russeschem Gas, reduzéiert an iwwerflësseg mécht,
- den Energiemaart esou reforméiert, datt abordabel a stabil Energiepräisser garantéiert sinn,
- Energieaarmut an der Bevëlkerung bekämpft gëtt, ë.a. duerch sozial Ausgläichsmesuren an d'Ënnerstëtzung vun de Vulnerabelsten.

Ouni d'Landwirtschaft mat anzebannen, ass keng seriös Ëmweltpolitik méiglech. Eis als LSAP läit et duerfir um Häerz, datt mir an Europa an zu Lëtzebuerg eng nohalteg a gutt funktionéierend Landwirtschaft hunn.

Fir eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, sinn Ëmweltschutz an Agrikultur keng Géigesätz mee enk matenee verbonnen. Wann et der Natur an de Biedem schlecht geet, wann extrem Wiederkonditiounen d'Norm ginn, ass keng nohalteg Agrikultur méiglech. Dofir musse mir, zesumme mat de Baueren, no Léisunge sichen. Nëmmen zesumme kënne mir:

- d'Klimaziler an déi europäesch Agrarpolitik integréieren,
- eng europäesch Agrarpolitik opstellen, déi d'Baueren aktiv ënnerstëtzt, fir sech op eng nohalteg Agrikultur ëmzestellen,
- d'Liewensmëttelsécherheet fir de Konsument garantéieren, ë.a. duerch d'Aféiere vun engem europäesche Standard op Liewesmëttel.

Fir dës Ziler ze erreechen, ass et fir eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, wichteg datt:

- d'Bauere fair fir déi vun hinne produzéiert Liewensmëttel bezuelt ginn,
- d'Bauere virun onfairem Wettbewerb a Spekulatiounen um Liewensmëttelmaart geschützt ginn,
- d'Pollutioun an der Landwirtschaft reduzéiert gëtt andeem den Asaz vu Pestizide verréngert gëtt,
- den Déiereschutz effikass gehandhaabt gëtt.

Wat nei gentechnesch Techniken ugeet, si mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, net dergéint, sou laang de Prinzip vun der Virsiicht garantéiert an assuréiert ass fir all Risiken sou kleng wéi méiglech ze halen. D'Kennzeechnung an d'Traçabilitéit si fir genmanipuléiert Liewensmëttel absolut noutwendeg, fir datt d' Verbraucher:innen selwer entscheeden kënnen, wat se consomméieren.

## Eng staark nohalteg Ekonomie stäerkt d'Häerz vun Europa

Europa huet de gréisste Bannemaart vun der Welt mat ville Virdeeler fir Entreprisen a Memberstaaten. Dëse Bannemaart muss weider ausgebaut ginn. Eng staark an nohalteg Wirtschaft ass d'Häerz vun engem staarken Europa. D'Digitalisatioun an d'Klimatransitioun bidde grouss Chancë fir eis Wirtschaft duerch ë.a. d'Schafe vun neie qualitativ héichwäertegen Aarbechtsplazen, enger méi nohalteger an circulärer Wirtschaft. Fir d'Stellung vun der europäescher Wirtschaft an der Welt auszebauen an

eng strategesch Autonomie vun der europäescher Wirtschaft ze garantéiren, setze mir op eng aktiv Industriepolitik, Investitiounen fir d'Innovatioun virun ze dreiwen, eng gerecht a nohalteg Gestaltung vum Bannemaart esou wéi d'Stäerke vum Konsumenteschutz. Duerfir fuerdere mir:

- d'Ausschaffe vun enger Strategie, déi sou gutt kuerz- ewéi mëttel- a laangfristeg Objektiver setzt, a sech verschidden Zenarie kann upassen,
- eng kloer Strategie fir d'Dekarboniséierung vun der Industrie,
- datt op Basis vun dëser Zukunftsstrategie e konsequenten Investitiounsplang bereet gestallt gëtt fir d'Transitiounen an der Ekonomie ze begleeden, bei der Innovatioun, der Ëmstellung an dem soziale Volet,
- datt Betriber déi an Innovatioun a Recherche investéiere fir d'Transitioun ze acceleréieren, finanziell ënnerstëtzt ginn, zum Beispill duerch steierlech Mesuren,
- d'Aarbechtskräften – an anere Wierder, de Mënsch dee schafft – an all dës Iwwerleeunge mat agebonne ginn, sief et um Niveau vun der Formatioun, Weider- an Ëmbildung oder awer och um Niveau vun der Aarbechtsmigratioun an der einfacher Migratioun.
- d'Investitiounspolitik an Europa ze férderen an d'Finanzéierung vun europäeschen Entreprise ze stäerken.
- datt d'Gewerkschaften an dëse Prozesser eng staark Stëmm hunn.

An dësen Transitioune spillen souwuel d'Verantwortungsbewosstsinn vun de Bierger:innen esou wéi d'Responsabilitéit vun de Betriber eng grouss Roll. An deem Sënn stellen déi ekologesch an digital Transitiounen eng wichteg Geleeënheet duer, fir Betriber duerch eng geziilte steierlech a strukturell Ënnerstetzung ze férderen an esou d'Wirtschaft ze stäerken. Duerfir fuerdere mir, datt:

- d'Liwwerkettegesetz appliziéiert gëtt. D'Liwwerkettendirektiv soll Betriber verflichten duerfir ze suergen, datt an der Produktioun vun hire Produiten an an der Liwwerkette vum Betrib senger Aktivitéit weder Mënscherechts- an Aarbechtsrechtverletzungen nach ëmweltschiedlech Praktike virkommen. Heirënner fält zum Beispill de Phenomen vun der „Fast Fashion" – dat ass extreem bëlleg Kleedung déi an Entwécklungslänner um Bockel vun der Natur an der Aarmut vun de Länner an de Leit produzéiert ginn,
- e rechtleche Kader agefouert gëtt, deen d'Betriber incitéiert Ressourcen ze schounen a sech progressiv op eng Kreeslafwirtschaft ëmzestellen. Gläichzäiteg mussen d'Direktiven iwwer d'Recht op d'Reparatur vu Gidder, den Upcycling an de Recycling an e méi ekofrëndlechen Design vu Produiten ëmgesat an ausgebaut ginn,
- de Konsument geschützt gëtt virun onséchere Produiten an onfaire Geschäftspraktiken, a seng Rechter gestäerkt ginn. De Konsument muss iwwer d'Produktioun vun de Gidder informéiert ginn an e muss kënne säi Recht akloen. Besonnesch am digitale Beräich mussen d'Betriber an d'Onlineplattformen an d'Flicht geholl ginn – ë.a. duerch d'Stäerkung vum Digital Services Act.

Et sinn awer net eleng d'Betriber, déi mussen nei Weeër goen, an d'Transitioun op hire Schëlleren droen. Och d'Bierger:innen mussen hiren Deel bäidroen, an deem en Ëmdenken an der Gesellschaft néideg ass. Mir dierfen eis net virmaachen, datt de sougenannten „Technofix" – also datt d'technesch Innovatiounen eleng de Klimawandel reegele kënnen – déi eenzeg Approche ka sinn, fir d'Erausfuerderunge vu muer ze meeschteren. Et ass kloer, datt och eis Gesellschaft muss ëmdenken. E méi nohaltege Liewensstil muss d'Zil fir eis Gesellschaft vu muer sinn.

Schlussendlech brauche mir fir all dat e fairen europäesche Bannemaart, wou net déi eng Länner par Rapport zu den anere privilegiéiert ginn. Dat ass zemools fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg wichteg an duerfir fuerdere mir:

- kloer Reegelen, déi d'Gerechtegkeet tëscht de Memberstaate garantéieren, zum Beispill eenheetlech Reegele fir Subsiden oder Steiervirdeeler ze accordéieren,
- kloer Reegelen, déi Sozial- an Ëmweltoplagen an Europa uniformiséieren, zum Beispill d'Aféiere vu Sozial- an Ëmweltkrittäre fir déi ëffentlech Ausschreiwungen,
- datt déi europäesch Betriber virun onfairer Konkurrenz aus Drëttstaate geschützt ginn.

## En Europa mat Häerz dat schützt a gestalt

E staarke Service public, universellen Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger Gesondheetsversuergung an d'Recht op eng anstänneg Wunneng sinn elementar fir eng gerecht Gesellschaft. Mir wëllen effikass ëffentlech Servicer an Administratiounen, déi sech ëm d'Leit këmmeren. Well ouni e staarken ëffentleche Service funktionéiert eis Gesellschaft net! Eng Gesellschaft, déi sech ëm hir Bierger:innen këmmert – zemools ëm hir jonk an hir eeler Matbierger:innen.

Kanner sinn als alleréischt vun der Aarmut betraff, an Europa ass d'Kanneraarmut vill ze grouss. Dat musse mir änneren, an deem mir net nëmmen d'Aarmut bekämpfen, mee virun allem d'Rechter vun de Kanner an deene Jonke stäerken. An engems muss Europa déi zukünfteg Generatioune fërderen, an der Jugend kloer a gutt Perspektiven an engem staarken Europa bidden. Duerfir fuerdere mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen:

- datt d'europäesch Garantie fir e bessere Schutz vun eise Kanner, déi sougenannt, „europäesch Kannergarantie" ëmgesat gëtt, a se e Budget vu mindestens 20 Milliarden Euro kritt,
- den Ausbau vun der europäescher Jugendgarantie, déi virschreift, datt all Jonken ënner 30 Joer no der Schoul oder am Chômage eng qualitativ héichwäerteg Offer fir eng Aarbecht, eng Weiderbildung, eng Léier oder e Stage muss kréien,
- en aktiivt Abanne vun deene Jonken a politesch Decisiounen, mir fuerderen d'Walrecht ab 16 Joer op allen Niveauen,
- d'Remuneratioun vu Stagen am ëffentlechen a private Secteur,
- datt déi gratis ëffentlech Schoul a professionell Ausbildung garantéiert sinn, d'Bildung muss weiderhinn d'Garantie fir Chancëgerechtegkeet sinn, fir de sozialen Opstig ze erméijlechen,
- datt den Austausch Programm fir Universitéitsstudenten Erasmus+ weider ausgebaut gëtt, gekoppelt mat enger EU-Initiativ fir d'Offer vun abordabele Studentewunnengen ze erhéijen,
- datt Europa sech duerfir asetzt, datt déi Jonk sech kënnen eng éischt Wunneng leeschten.

D'Stäerkt vun eiser Gesellschaft ass hir Diversitéit an hir Oppenheet, an datt eis Gesellschaft sech ëm hir Bierger:innen këmmert, zemools wann se drop ugewise sinn. D'LSAP steet fir eng solidaresch Gesellschaft. Fir datt all Mënsch, zemools wa seng Méiglechkeeten duerch eng Beanträchtegung oder den Alter ageschränkt sinn, en dezent a gläichberechtegt Liewe ka féiere, fuerdere mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen:

- den eelere Generatiounen hir Participatioun um gesellschaftlechen a politesche Liewen ze garantéieren,
- d'ëffentlech Rentesystemer an Europa ze verstäerken an anstänneg Pensiounen ze garantéieren, fir d'Altersaarmut ze bekämpfen,
- datt europawäit Mesuren agefouert ginn, déi et eelere Leit erméiglechen, esou laang wéi méiglech an esou gutt wéi méiglech kënnen onofhängeg an autonom ze liewen,
- e fräien Accès zu enger qualitativ héichwäerteger Gesondheetsversuergung,

- en Europa ouni Barrièren, wou duerch verbindlech Mesuren an alle Memberstaaten d’Infrastrukturen an d’Offer vu Bildung, Kultur an am allgemenge vum ëffentleche Liewen accessibel fir Leit mat enger Behënnerung sinn,
- datt d’politesch a sozial Rechter vu Leit mat enger Behënnerung respektéiert ginn.

E staarken ëffentleche Service léisst eis Ekonomie dréien, garantéiert de sozialen Ausgläich, assuréiert d’Liewensqualitéit a këmmert sech ëm d’Chancëgerechtegkeet. Déi ëffentlech Hand muss duerfir sécherstellen, datt d’Digitaliséierung keng nei Ongläichheete schaaft. Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, fuerderen duerfir:

- konsequent Investissementer an déi ëffentlech digital Infrastrukturen an an d’digital Bildung,
- datt de Prinzip vun der Netzneutralitéit verdeedegt gëtt,
- datt all Mënsch e fairen, gläichberechtegten Zougang ouni Aschränkungen zum Internet garantéiert kritt. Dozou gehéiert och en Accès zu schnellem Internet.

Eng gutt Mobilitéitsoffer duerch den ëffentlechen Transport ass en essentielle Bäitrag fir d‘Chancëgerechtegkeet an d‘Liewensqualitéit vun de Bierger:innen ze färderen. De gratis ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg ass duerfir e Modell fir eng nohalteg a fair Mobilitéitsfërderung, déi der ganzer Gesellschaft zu gutt kënnt. An Europa fuerdere mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, datt:

- den ëffentlechen Transport konsequent ausgebaut a gestäerkt gëtt,
- all Mënsch – egal wou e wunnt – eng anstänneg ëffentlech Mobilitéitsoffer zur Verfügung huet,
- d’europäescht Schinnennetz ausgebaut gëtt an d'Offer vu Verbindungen – zemools Nuetsverbindungen – konsequent erhéicht gëtt, fir eng uerdentlech Alternativ zum Fliger unzebidden.

Als Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen wiere mir eis energesch géint all Privatiséierung a Kommerzialiséierung vum Gesondheetssecteur. All Mënsch huet Recht op eng anstänneg Gesondheetsversuergung, onofhängeg vu senge finanzielle Moyenen, sengem Alter, sengem Geschlecht oder senger sexueller Orientéierung. Duerfir fuerdere mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, datt:

- Gesondheetsversuergung an wëssenschaftlech Fortschrëtter, all Mënsch zur Verfügung stoen an accessibel si mussen,
- eng Sozialversécherung fir all Mënsch muss garantéiert sinn,
- d’Präisser fir Medikamenter fair an transparent sinn,
- op europäeschem Plang d’Länner zesummeschaffe fir d’Knappheet vu Medikamenter ze verhënneren,
- déi europäesch Strategie fir déi mental Gesondheet finaliséiert an applizéiert gëtt,
- Europa mat de Länner d’Fuerschung an d’Innovatioun am Gesondheetssecteur coordonéiert.
- d’Fuerschung fir Medikamenter a Traitementer géint de Kriibs, zemools wat Kanner ugeet, op EU-Niveau virugedriwwe gëtt,
- Therapien- an Ursaachefuerschung vu seelene Krankheeten op EU-Niveau besser koordinéiert an intensivéiert gëtt an den Accès zu innovativen Traitementer fir jiddereen zougänglech ass,
- eng geschlechtsspezifesch Medezin an de Mëttelpunkt vun der Präventioun, Diagnose, Therapie an Erfuerschung vu Krankheete réckele muss fir der Gesondheetsversuergung vun de Frae méi gerecht ze ginn,
- déi sougenannte Konversiounstherapie[2] an der Europäescher Unioun verbuede gëtt,

---

*[2] Medezinesch oder aner Interventiounen, déi d‘sexuel Orientéierung oder d‘geschlechtlech Identitéit geziilt veränneren oder ënnerdrécke sollen.*

- en europäeschen Nutri-Score fir Liewensmëttel obligatoresch gëtt, fir eng méi gesond Ernierung an der EU ze promouvéieren an de Vollekskrankheete wéi Diabetes, Adipositas[3] a Bluttheéichdrock entgéintzewierken.

Grad sou wéi den Zougang zu enger anstänneger Gesondheetsversuergung e Mënscherecht ass, ass d'Wunnen och eent. Vill ze vill Leit an Europa, virun allem Jonker, kënne sech keng Wunneng leeschten. Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, fuerderen duerfir eng Initiativ fir op europäeschem Plang bezuelbar Wunnengen an nohaltegt Wunnen ze fërderen. An deem Kader wëlle mir:

- energie-effikass Renovatioune fërderen,
- de sozio-ekonomesch benodeelegte Leit finanziell ënnert d'Ärem gräife fir hir Wunneng ze renovéieren,
- verflichtend Ziler fir abordabele Wunnraum ze schafen, zum Beispill duerch e festgesate Prozentsaz par Rapport zu Wunnengen, déi um fräie Maart gebaut ginn,
- d'Reegele fir staatlech Bäihëllefe reforméieren, fir datt méi Sozialwunnenge gebaut kënne ginn,
- obligatoresch Ziler festleeën, fir d'Obdachlosegkeet ze bekämpfen.

## En Europa dat seng Wäerter am Häerz dréit

Europa ass fir all seng Bierger:innen do. Mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, wëllen en Europa, wou all Mënsch gutt zesumme liewe kann, ouni Diskriminatioun, mat Chancëgerechtegkeet fir all Mënsch. Duerfir muss Europa an eisen Aen divers, feministesch, oppe sinn, mat enger solidarescher Gesellschaft an där all Mënsch eng Zukunftsperspektiv huet – a wou Plaz fir all Mënsch ass. Nëmmen esou kënne mir eis Fräiheeten an eis Demokratie an Europa verdeedegen.

Mir wëllen d'Inklusioun an d'Rechter vu Persoune mat physescher oder psychescher Beanträchtegung weider stärken duerch:

- eng harmoniséiert Definitioun vun de Notiounen ‚Behënnerung' , physesch oder psychesch Beanträchtegung' an ‚Accessibilitéit' um europäesche Niveau
- weider Mesüren, déi d'Integratioun vu Persoune mat Behënnerung an eiser Gesellschaft an um Aarbechtsmarché fërderen.

An eisem Europa ginn et keng Virurteeler. Mat eis gëtt et null Toleranz fir Sexismus, Rassismus, Antisemitismus, Islamophobie, Attacken op LGBTIQ+ Communautéit an all aner Form vu Diskriminéierung. Duerfir fuerdere mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen:

- eng EU Antidiskriminéirungsdirektiv, fir datt an allen europäesche Länner d'Rechter vun all de Mënsche garantéiert sinn,
- datt d'Gläichstellungsstrategie weider konsequent ëmgesat an erneiert gëtt,
- d'Unerkennung vum Mariage vu gläichgeschlechtleche Koppelen a vu gläichgeschlechtlechen Elteren an der ganzer EU,
- datt séchergestallt gëtt, datt d'LGBTIQ+ Rechter an der interner an externer Politikgestaltung vun der EU berücksichtegt ginn.

---

[3] *Obesitéit / Fettleibigkeit*

Fir eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, muss Europa och feministesch sinn! Mir sinn eng feministesch Partei a kämpfen duerfir, datt jonk Meedercher a Fraen net diskriminéiert ginn. Duerfir fuerdere mir, datt:

- de Prinzip vun der Gläichstellung an all politesch a budgetär Decisioun afléisse muss,
- nëmmen d'Frae selwer decidéieren, wéi se hiert Liewe liewe wëllen,
- nëmmen d'Frae selwer iwwer hire Kierper bestëmmen dierfen – duerfir garantéiere mir hir sexuell Rechter,
- d'Selbstbestëmmung vun der Fra bei der Ofdreiwung ni zur Diskussioun stoen dierf,
- d'Gewalt géint Fraen thematiséiert a bekämpft gëtt an datt d'EU Member-Länner geschlechtsbezu Gewalt an de Féminicide a Gesetzer festhalen,
- d'Istanbuler Konventioun fir d'Bekämpfung vu Gewalt géint Fraen an haislech Gewalt applizéiert gëtt.

Fir d'Gläichberechtegung an d'Chancëgerechtegkeet tëscht alle Geschlechter ze assuréieren, fuerdere mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, eng kohärent Politik an deem:

- weiderhin en EU-Kommissär fir Gläichberechtegung an Diversitéit ernannt gëtt, dee fir d'Ëmsetzung vun der sougenannter „Union of Equality" verantwortlech ass,
- bis 2030 all Differenzen an de Paien an de Pensiounen ofgeschaaft ginn,
- sécher gestallt gëtt, datt méi Fraen a Féierungspositioune schaffe kënnen,

Dës, eis europäesch a progressiv Wäerter, grad esou wéi eis Demokratie, sinn ëmmer méi ënner Beschoss, an Europa wéi och vu baussen. Verschidde Member-Länner verstoussen oppe géint déi europäesch Wäerter, a garantéieren a verschiddene Fäll d'Rechtsstaatlechkeet bewosst net méi. Duerfir plädéiere mir, datt:

- déi institutionell Mechanismen, fir géint rechtsstaatlech Verstéiss an d'Aushielege vun demokratesche Grondprinzippien virzegoen, verstäerkt an applizéiert ginn,
- keng europäesch Suen a Steiergelder méi u Länner ausbezuelt ginn, wou de Verdacht vu Korruptioun besteet a wou Geriichter net onofhängeg sinn,
- d'EU-Parlament gestäerkt gëtt, fir esou e bessert institutionellt Gläichgewiicht ze hunn.

Desinformatioun an Hate Speech ënnergruewen eis demokratesch Kultur a splécken eis Gesellschaften. Duerfir fuerdere mir, datt:

- Hate Speech a geziilt Desinformatioun als kriminell Dot op EU-Niveau verankert ginn,
- d'Onlineplattforme responsabiliséiert ginn, fir géint dës Phänomener virzegoen.

D'Europäesch Unioun muss eng sécher Plaz fir all eis Bierger:innen bleiwen. Fir dëst ze garantéieren:

- muss et eng méi enk Kooperatioun tëscht den EU-Memberstaaten op all Niveau ginn. Nëmmen duerch international Zesummenaarbecht an enger eenheetlecher Legislatioun kënnen déi international an organiséiert Kriminalitéit, den Terrorismus d'Cyber- an Drogekriminalitéit bekämpft ginn,
- musse méi Moyene fir d'Finanzkriminalitéit ze bekämpfen zur Verfügung gestallt ginn – och zu Lëtzebuerg, wou eis Finanzplaz exposéiert ass,
- mussen Europol an den europäesche Parquet gestäerkt ginn,
- muss eng europäesch Police judiciaire agefouert ginn, déi déi europäesch Staatsanwaltschaft ënnerstetzt,

- mussen d’Leit, déi selwer net d’Moyenen hu fir sech ze wieren, duerch eng garantéiert gratis Rechtsberodung geschützt ginn,
- muss am Katastropheschutz eng coordonéiert a solidaresch europäesch Aktioun definéiert ginn, fir datt d‘Memberlänner sech an der Preventioun wéi am Fall vun enger Katastroph oder Pandemie, géigesäiteg ënnerstëtze kënnen.

Fir eis, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, sinn Demokratie a Mënscherechter net verhandelbar! Duerfir brauche mir an Europa e staarke Rechtsstaat, deen de Bierger:innen hir Rechter a Fräiheete garantéiert, a wou all Bierger:in gläich behandelt ginn. Fir dat ze garantéieren, brauche mir:

- staark an onofhängeg Justizapparater an de Memberlänner,
- eng efficace a coordonéiert Korruptiounsbekämpfung op nationalem an internationalem Niveau,
- eng Garantie fir de Mediepluralismus an d’Pressefräiheet,
- e gesetzlech gesécherten Informatiounszougang fir Journalisten,
- d’Participatioun vun der Zivilbevëlkerung an den demokrateschen Entscheedungsprozesser.

An enger Demokratie gëtt et keng Diskriminatioun – all d’Mënsche si gläich, duerfir bekämpfe mir als Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen aktiv déi extrem riets a populistesch Organisatiounen an Tendenzen, déi net nëmmen eis demokratesch Institutiounen a Fro stellen, mee och de minoritären an duerfir oft vulnerabele Communautéiten an eiser Gesellschaft, wéi zum Beispill d’Migrant:innen oder sozial schwaache Leit, hir Rechter wëllen ewech huelen.

Mir sti fir eng egalitär Gesellschaft an ënnerstëtzen duerfir d’feministesch Beweegung, den LGBTQI+ Mouvement grad sou wéi allen progressiven Organisatiounen, déi sech fir Gerechtegkeet asetzen. Op europäeschem Niveau brauche mir kloer Spillreegelen, fir sécher ze sinn dat Drëttstaate grad esou gutt wéi EU Memberlänner, mat autokratesche Regimmer keng finanziell oder soss Ënnerstëtzung kréien.

Well d’Migratioun eng Opportunitéit – wirtschaftlech, gesellschaftlech a kulturell – fir eis Länner ass, fuerdere mir Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen och datt:

- d’Migrant:innen net méi als politesche Problem ugesinn oder behandelt ginn,
- d’Migratioun duerch eng gemeinschaftlech a coordonéiert Politik, déi solidaresch tëscht de Länner funktionéiert, gereegelt gëtt, an all Land säin Deel, am Kader vu senge Moyene, dozou bäidréit,
- déi europäesch Migratiounspolitik op Mënscherechter, Respekt an Dignitéit baséiert.

Europa muss weisen, datt et e solidaresche Projet ass. Am Ëmgang mat Mënschen déi sech op der Flucht befannen, fuerdere mir, datt:

- Europa fair, respektvoll an uniform Asyl- an Immigratiounsprozeduren kritt,
- d’Recht op Asyl a Schutz fir all Mënsch garantéiert ass,
- kloer verständlech an human Réckféirungsprozedure bestinn,
- Europa weider responsabel an transparent Partenariater mat Hierkonfts- an Transitlänner ageet, am Respekt mat eise Wäerter an dem internationale Recht,
- et keng Exterioriséierung vun den EU-Baussegrenzen dierf ginn,
- humanitär Hëllef net dierf kriminaliséiert ginn,
- keng Maueren oder Zénk un de Baussegrenze mat europäesche Sue gebaut ginn,
- eng europäesch Missioun fir d’Sich an d’Rettung vu Leit an Nout am Mëttelmier geschafe gëtt,

- d'Aktiounen a Gesetzer géint Mënschenhandel, sexuell Gewalt an Ausbeutung vu Leit an Nout verstäerkt an applizéiert ginn,
- Europa inklusiv Aarbechtsmarchéen fërdert, grad esou wéi d'Ënnerstëtzung vu lokale Behörden an eng effikass Inklusiounspolitik.

## E staarkt Europa, mat Häerz a Verstand, an der Welt

D'EU ass e Friddensprojet, mee den Toun ass international méi rau ginn, international Reegelen an Organisatiounen ginn a Fro gestallt. Dëst ass grad fir Lëtzebuerg geféierlech, well dës Reegelen eis als klengt Land schützen.

Et geet ëm vill, an e staarkt, selbstbewosst Europa ass batter néideg an dësen Zäiten, wou riets Tendenzen Europa a Fro stellen, déi extrem Riets ëmmer méi staark ginn, e Krich um europäesche Kontinent am Gaang ass, China ëmmer méi aggressiv gëtt, de mëttleren Osten an der Kris, Groussbritannien aus der EU ausgetrueden an Amerika vill mat sech selwer beschäftegt ass a wou d'Méiglechkeet vun enger zweeter Trump-Presidence net vill Hoffnung mécht.

Duerfir muss Europa bereet sinn, säin eegent Schicksal an d'Hand ze huelen a Verantwortung ze iwwerhuelen. Mir musse méi onofhängeg a souverän ginn, handlungsfäeg, selbstbewosst a gëeent. Als Europa musse mir staark genuch sinn, fir eis Valeuren effikass op der internationaler Bühn ze verdeedegen.

Mee mir wäerten ëmmer en Europa bleiwen, dat de Fridde sicht a senge Wäerter trei bleift. E progressiivt, solidarescht a soziaalt Europa.

Duerfir sti mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, geschlossen hannert dem Projet vun der Europäescher Unioun, der NATO an den internationalen Institutioune wéi der UNO. Mir setzen eis a fir:

- eng Reform vun de Vereenten Natiounen, ouni den op internationalem Recht baséierte System a Fro ze stellen,
- eng méi zolidd gemeinsam europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik, déi komplementar zur NATO ass,
- eng zentraliséiert Koordinatioun vun den europäeschen Arméien, den Ausbau vum gemeinsame Beschafe vu Material a méi Kooperatioun bei der Bekämpfung vun der Cybermenacen,
- d'Unanimitéit an deene meeschten aussepoliteschen a verteidegungsrelevante Froen ofzeschafen, fir datt Europa méi séier a méi effikass handele kann,
- d'Ukrain weider ze ënnerstëtzen,
- eng Virreiderroll a Krichs- a Konfliktpreventioun uechter d'Welt ze spillen an esou senger Roll als Friddensprojet gerecht ze ginn.

Et ass och wichteg, datt mir d'Gerüst vun der Europäescher Unioun weider stäerken, zemools elo wou konservativ a riets Kräfte probéieren d'EU vu bannen ze destabiliséieren. Fir eis als Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen ass et kloer, datt Europa d'Kompetenz an der Aussen – an der Sécherheetspolitik muss hunn. Nëmmen e geschlossent Optriede verschaaft den Europäer an enger multipolarer Welt eng staark Stëmm. Fir dës Positioun ze stäerke, brauch Europa och eng gemeinsam Verdeedegungsstrategie an -industrie.

Als Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen si mir och fir d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun. Mir freeën eis iwwer all europäescht Land, dat sech dem gemeinsame Projet vun europäeschem

Fridden, Prosperitéit a Modernisatioun wëll uschléissen. Nëmmen zesumme si mir staark. Zemools elo gëtt et eng gewëssen Urgence fir dës Erweiderung vun der EU weider ze dreiwen. Et ass awer wichteg, datt d'Kopenhagener Krittären erfëllt sinn an datt d'Kandidateländer prett sinn, fir en Deel vun der EU ze ginn.

Et ass noutwendeg datt d'EU sech duerfir ugepasste Spillreegele gëtt. De Prinzip vun der Unanimitéit muss iwwerduecht ginn, fir Blocagen am Decisionsprozess ze evitéieren, an och ze verhënneren, datt ee Land d'ganz EU kann a Geiselhaft huelen. D'EU muss méi reaktiv ginn. An deem Sënn wëlle mir och geziilten Ännerunge vun den Traitéen, fir datt eng méi grouss EU finanzéierbar a regéierbar bleift.

Fir d'LSAP, wéi och fir eis europäesch Schwësterparteien, ass et kloer, datt d'EU weider international Solidaritéit lieft. Duerfir hale mir un de 17 Sustainable Development Goals (SDG's) vun der UNO fest. Eng méi nohalteg, digital, modern an sozial gerecht Welt kënnt all Mënsch ze gutt an ass e Garant fir Fridden.

Mir mussen och déi europäesch Handelspolitik nei ausriichten. Datt de fräien Handel automatesch méi Wuelstand fir jidderee bedeit ass eng Illusioun. Mir brauchen eng Handelspolitik, déi d'Liewensrealitéite vun de Leit, hei an Europa a bei eise Partner, konkret verbessert. Mat der Liwwerkettendirektiv, fir déi mir, Sozialist:innen a Sozialdemokrat:innen, eis weider asetzen, kënne mir e nohaltegen a gerechten Handel duerchsetzen, deen ökologesch, sozial, mënschen- an aarbechtsrechtlech Standarde respektéiert. An engems musse mir eis konkret Mechanisme ginn, fir dës Prinzippien ëmzesetzen.

An enger multilateraler Welt brauche mir, als Europäesch Unioun, Partnerschaften. Notamment mat den USA a Groussbritannien musse mir eis Partnerschaft stäerken ouni awer eis europäesch Verantwortung a Souveränitéit ze vernoléissegen. Mat China musse mir de Kontakt hale fir d'Diskussioune weider ze féieren an esou gemeinsam Léisungen ze fannen – ouni awer eis fundamental Wäerter vun der Demokratie an de Mënscherechter opzeginn.

Ausserdeem musse mir parallel gläichberechtegt an zukunftsorientéiert Partnerschafte mat de Länner aus dem Globale Süden agoen. Dës Partnerschafte sollen op Aenhéicht funktionéieren, well nëmmen sou kënne mir eng sozial gerecht Welt schafen.

#ZESUMMEN